



datt Vertrieder vu Lëtzebuerg net wéinst der Saach där heiter Direktiv zougestëmmt hunn, mä well et anscheinend just ëm den Image gaangen ass! Et ass net ëm d'Saach gaangen, datt do Geldwäsch bedriwwen gëtt an datt d'Europäesch Kommissioun probéiert, dat ze ënnerbannen, mä et ass ëm den Image vu Lëtzebuerg gaangen, a wann een dat gemaach hätt, wat een eigentlech hätt wëllen, dann hätt een dem Image vu Lëtzebuerg geschuet.

Ech fannen dat eigentlech ganz grav. An dat ass, mengen ech, kee gutt Zeechen, besonnesch, well ...

Ech soe fir d'Éischt nach eng Kéier ganz kuerz d'Haltung vun der Lénker zu dësem Projet ...

(Hilarité)

... an da muss ech awer och nach op eppes agoen.

Mir mengen, datt deen heite Schrëtt, d'Ëmsetzung vun der Blanchiment 4- plus Blanchiment 5-Direktiv fir de Registre des bénéficiaires, datt dat e klengen, awer wichtige Schrëtt ass an engem Puzzlestéck, fir kënne virzegoen géint d'Geldwäsch. An duerfir ënnerstëtze mer dat heiten och.

Et gëtt vill Faillen an deem Text, an där Direktiv. Et gëtt och Froen, déi opbleiwen, wat d'Ëmsetzung ugeet. Mä et ass zumindest e Schrëtt no vir. An dee kënnt och net vun näischt. Dee kënnt doduerch, well an der Europäescher Unioun Saache geschitt sinn an deene leschte Joren, déi einfach net méi tolerabel waren an déi net tolerabel sinn, déi dozou gefouert hunn, datt State Milliounebeträg u Steieren entzu gi sinn, an Zäite vu Kris, an Zäiten, wou Staaten hu missen Austeritéit bedreiwen, wou Leit drënner gelidden hunn, well déi Austeritéit ass natierlech um Bockel vun de Leit ausgedroe ginn!

Wat mir ausdrécklech begrëssen, dat ass dat, wat d'Zivillgesellschaft zënter Jore freet, datt een endlech emol ërem en Accès kritt, datt d'Zivillgesellschaft en Accès kritt zu de reelle Beneficiairen an datt domadder zumindest e klenge Schrëtt gemaach gëtt, fir Schachtelkonstruktiounen zumindest ze versichen ze vermeiden, an datt domadder och Drock kann entstoën.

Den Här Mosar huet virdru vun den ONGe geschwat, déi elo esou vill Schwieregkeeten hätten, fir eventuell do hir Memberen, oder net d'Memberen, mä d'Comitésmemberen unzeginn. Mä et si virun allem ONGen, déi zënter Jore froen, datt dat heiten ëmgesat gëtt, datt mer Transparenz kréien, eppes, wat onbedéngt wichteg ass, och wann een an der Europäescher Unioun mat enger Stëmm wëllt géint verschidde Praktike virgoen.

Déi ONGen an déi Journalisten an déi einfach Bierger, déi den Här Reding elo einfach als „Toperten“ bezeechent huet, eis allegueren! Mir sinn alleguer Toperten, all déi Leit, déi en Urecht hunn op Transparenz, dorop, wierklech gewuer ze ginn, wien d'Beneficiairë sinn, dat sinn Toperten! Dat fannen ech déi gréisste Beleidigung vun iergendengem heibannen, déi zu iergendengem aneren ausgeschwat ginn ass!

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Dann, natierlech stelle sech Froen, wéi dat an der Praxis dann ëmgesat wäert ginn. Verschidde Saache ginn iwwer e Règlement grand-ducal och nach geregelt. Do muss een da kucken, wéi dat genau ausgesäit.

Gradesou wéi een dann ofwaarde muss, wéi d'Praxis wäert sinn - et gëtt jo och Demanden, wou d'Gesellschaftë kënnen ofleenen -, wéi do d'Prozedur ass, wéi sech dat dann herno an der Realitéit ëmsetze wäert. A wéi gesot, et ginn nach ëmmer bei deem heiten eng ganz Rëtsch Faillen a Lächer, wou, mengen ech, och d'Europäesch Kommissioun gefuerdert ass, fir do nach weider dergéint virzegoen.

Wat ech lech awer soe muss: Wéi ech dem Här Mosar nogelauschtert hunn, dunn hunn ech geduecht, den Allmächtigen hätt de Benjamin Franklin nees dohinnergesat, deen iwwert d'Fräiheitsrechter vum Mënsch, iwwert d'Gefor vum glesene Bierger geschwat huet, op där enger Säit, an op där anerer Säit awer stellen ech fest, datt dee Member vun där Partei ass, déi awer d'Videoiwwerwaachung ausbaue wëllt, datt et deen ass, dee Platzverweiser wëllt ausweide géint einfach Bierger, datt et deen ass, deem d'Burkagesetz net wäit genuch geet! Also do muss ech soen: Och déi Bigotterie muss een awer kënnen a Grenzen halen an e bësse Fouss bei Mol halen!

Als Lénk kënne mir dat heite Gesetz stëmmen. Wéi gesot, et ass e klengen, awer néidege Schrëtt.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Här President. Et ass schonn zu spéider Stonn. Ech hunn och an Tëschenzäit bei all deene Gespréicher, déi hei gelaf sinn, meng Notizen, déi ech eigentlech fir d'Ried virbereet hat, ergänzt. Deementspriedend outen ech mech awer emol als och ee vun deenen „Toperten“, an ech hunn och ni eng Offshore gemaach. Also ech hunn och dat ni wëlle gehat.

An ech hunn och, ier ech an d'Chamber komm sinn, ni Versteesdemech gehat, wéi een iwwerhaupt esou eppes kann a wëllt maachen. Dat ass vläicht fir lech, déi dodra geschafft hunn, déi hiert Geld dermat verdéngt hunn, an ech mengen, net wéineg Geld, eppes ganz Interessantes gewiescht, mä deen normale Bierger dobaussen, deen huet kee Versteesdemech fir Är Offshore-Geschichten, ob do elo Geld gewäsch gëtt, Lobbyismus gemaach gëtt oder soss eppes oder och vläicht eppes Eierlech. Mä da kommt, wann een eppes Eierlech mécht, kann ee jo och dohinnergoen an dat soen! Also, firwat muss een dat da verheemlechen?

Den Här Mosar huet virdru probéiert hei, de Piraten bäizebréngen, wat Dateschutz soll sinn. Ech mengen, Dir loucht do e bëssen dernieft, well Dateschutz ass net do, fir Saachen ze verhënnern, mä en ass do, fir Transparenz och emol ze schafen. An dat muss een och emol léieren. Den Dateschutz huet och do seng Grenzen, wou et ëm Transparenz geet. An dat ass ganz wichteg. An ech wëll do den Här Roth och eng Kéier luewen, well Dir hutt jo gemengt, ech hätt an der Kommissioun net vill gesot, mä den Här Roth huet dat richteg mam Dateschutz erkläert an dass een do och verschidde Protektiounen muss abauen an dass verschidde Reglementer do wierklech mussen iwwerluecht ginn.

Ech wëll awer do och nach eng Bemierkung ubréngen. Dir hutt virdru gesot: „Et ass esou laang verhandelt ginn.“ Mä ech mengen, dat war Äre Meritt. Dir sidd an déi Kommissioun komm, Dir hutt - ech wëll lech elo net do iergendwéi ze no trieden -, mä Dir hutt lech am Toun an am Wuert deemools an där Kommissioun vergraff géint déi aner. Also dat war meng éischt Justizkommissioun an ech hat dat esou am Gefill. An ech war duerno bei enger anerer Kommissioun, do war eng ganz aner Ambiance an et war ganz anescht gaange wéi dat, wat Dir deemools do, soe mer emol, ...

(Interruption)

... „opgefouert“ hutt. Also, ech war erschreckt an ech hoffen och, ...

(Interruption)

... wéi dat heibannen den Owend hin- an hiergaangen ass, dass dat net wäert esou weidergoen.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la présidence)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Goergen, fuert viru mat Ären Ausféierungen, wannechgelift!

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Gären.

(Brouhaha)

A mir sinn och houfreg drop, wann Dir eis „Reebou“ nennt, well wann ...

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- ... e Gesetz gutt ass oder e Projet, da stëmme mir et mat; ass et net gutt, da soe mer dat och éierlech. Esou hu mer virdrun och d'CSV-Motioune matgestëmmt, wéi mer géifen déi aner Saache matstëmmen. Mä ech hunn awer heiansdo d'Gefill, dass heibanne geschwat gëtt, fir einfach emol dergéint ze sinn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Fir eis als Piraten ass et immens wichtig, dass de Spagat tëschent Dateschutz an Transparenz geléngt. Mir dierfen net erlaben, dass dem Bierger seng Donnéeë mëssbraucht ginn. Gläichzäiteg muss mir eise Bierger an och eise Stat kënnen d'Moyene ginn, fir Steierhannerzéiung a Geldwäscherei ze ënnerbannen.

An de Projet de loi 7217 ass d'Transpositioun vum Artikel 30 vun der EU-Richtlinn 2015/849 a soll dozou déngen, eise Finanzsystem weider géint de Blanchiment an den Terrorismus ze schützen. Mat dem Projet de loi, deen hei zum Vott steet, wäerten all d'Persounen, déi ënnert d'Definitioun vum Bénéficiaire effectif falen, an e Regëster agedroe ginn, deen och der Effentlechkeet soll zougänglech sinn.

Doriwwer eraus erfëlle mer mam Unhuele vum Gesetz d'Oplage vun der EU-Richtlinn a sinn

esou och endlech konform mat der EU-Gesetzgebung. Hei lount et sech ze erwänen, dass d'Transpositioun vun dem Gesetz u sech scho laang hätt misse geschitt sinn.

Dëse Projet de loi weist, wéi schwéier et ass, tëschent dem Dateschutz an der Transparenz e gesonde Spagat ze treffen. Mir dierfen op kee Fall zouloossen, dass dës Datebank mëssbraucht gëtt, fir zum Beispill Datebanke mat Donnéeë vu Leit ze fëllen a massiv erofzelueden.

Mir si fest der Meenung, dass de Geldwäscher d'Handwerk muss geluecht ginn an dass se duerch esou e Gesetz d'Box mussen erofloossen, fir dass se net weider hire komesche Beruf fer kënnen nogoen.

(Interruption)

11. Dépôt d'une proposition de loi par M. Marc Goergen

Elo géif ech lech, Här President, eng Proposition de loi zu engem Sujet iwwerreechen: fir d'ASBL am Gesetz vun der Publikatioun (veuillez lire : fir am Gesetz iwwert d'ASBLen den Artikel vun der Publikatioun) vun de Memberslëschten ze änneren, andeems net d'Memberen allegueren mussen ëmmer deposéiert ginn, mä just de Comité.

7392 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 21 avril 1928 sur les associations et les fondations sans but lucratif

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Mir sollten den ASBLen an de Veräiner keng Zäit klauen, dëst am Sënn vum Benevolat a fir hinnen ënnert d'Äerm ze gräfen an och den Dateschutz ze stäerken.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Justizminister Félix Braz, wannechgelift.

12. 7217 - Projet de loi instituant un registre des bénéficiaires effectifs et portant

1^{re} transposition des dispositions de l'article 30 de la directive (UE) 2015/849 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2015 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme, modifiant le règlement (UE) n° 648/2012 du Parlement européen et du Conseil et abrogeant la directive 2005/60/CE du Parlement européen et du Conseil et la directive 2006/70/CE de la Commission ;

2^e modification de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le Registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises (suite)

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der allegueren wësst, et ass den Owend schonn e puermol evoquéiert ginn, ass de Kampf géint d'Wäisswäsche vu Suen e laangwieregen a komplizéierten, awer ouni de geréngsten Zweifel en noutwendegen Effort, well Krimineller ëmmer op en Neits Weeër fannen, fir de Produit vun hire kriminelle Geschäfte ënner engem geschéckt ugeluechte Mäntelchen ze verstopen. Dofir gëtt et net nëmmen an der Europäescher Unioun, mä och weltwäit Gremien, déi sech mat där Problematik befaassen a probéieren, deenen Onéierlechen hir Spillercher opzedeecken a mat Erfolleg ze bekämpfen. Dobäi denken ech zemools un de GAFI, de sougenannten „groupe d'action financière“, wat en intergouvernementale Grupp ass vun aktuell 38 Länner uechtert d'Welt, un deem awer och zwou regional Organisatiounen, dorënner och d'Europäesch Unioun, bedeelegt sinn.

Eng vun de Recommandatiounen vum GAFI, ...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

... an ech komme méi spéit nach eng Kéier kuerz drop ze schwätzen, déi sougenannt Recommandatioun 24, si ass schonn erwäant ginn, fuert d'vun all de Länner, dass se eng Transparenz vun de juristeschen Entitéiten a Konstruktiounen virgesinn, fir ze verhënnern,

dass ënnert dem Deckmantel vun esou Entitéiten d'Wäisswäsche vu Suen oder d'Finanzéierung vun Terrorismus kënne verstoppt ginn. D'Recommandatioun vum GAFI rëfft dofir all d'Staten op, sech ze vergewësseren, dass adequat, exakt an aktuell Informatiounen iwwert d'wirtschaftlech Notznëisser gesammelt ginn an disponibel sinn, soudass d'Autoritéiten an och déi Professionell, déi eng gesetzlech Obligatioun hunn, hire Client genee ze kennen - d'Banken, d'Notairen, d'Immobilienhändler an anerer nach -, allzäit kënnen drop zrëckgräfen, an zwar op aktuell a komplett Informatiounen.

Et ass och zu deem Zweck, dass am Hibleck op d'Recommandatioun vum GAFI mat den Artikelen 30 an 31 vun der europäescher Direktiv vun 2015, der véierter also, eng global Transparenz vum wirtschaftlechen a finanziellen Ëmfeld bannent der Europäescher Unioun ze verwierklechen ugestriift ass, woubäi den Artikel 30 allegueren, an ech ënnersträichen dat, d'juristeschen Persounen, Gesellschaften, Fondatiounen, Associatiounen ouni Gewënnzweck, Etablissements publics an esou weider, déi op nationalem Territoire gegrenzt ginn, betrëfft, während den Artikel 31 Trusten, Fiducien an aner äänlech juristeschen Konstruktiounen da viséiert.

Et ass ze betounen, dass den Artikel 31 net duerch deen heite Gesetzesprojet ëmgesat gëtt. Den Artikel 31 ass nämlech den Objet vun engem aneren Text, dee vum Finanzministère an der Chamber agereecht gouf. An deen ass dann och an där zoustänneger Kommissioun ënnerwee.

Ech hunn also hei elo en europäesche Kontext nach eng Kéier rappeléiert an och de But vun deem, wat mer hei maachen. De But ass keng Kujenad! De But ass, en lwwel an eise Länner, an eiser Unioun, an eiser Gesellschaft ze bekämpfen. Dat maache mer!

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- An all déi Kriticken, déi haut geäussert gi sinn: Mir hunn an e puer Méint Europawahlen! Déi Parteien, déi mengen, dass een esou eng Direktiv wéi déi hei net muss ëmsetze wéinst enger Fro vu Carte-d'identitéen - an ech ginn herno am Detail drop an -, wäerte sech an deenen nächste Méint am Wahlkampf vläicht och doriwwer ze verantworten kréien. Mir wäerten iwwert déi dote Saache schwätzen am Wahlkampf hei am Land, do sinn ech ganz sécher! Dat ass an e puer Méint, da geet de Wahlkampf lass!

Ech weess, dass d'ADR iwwerhaupt kee Bauchwéi domadder huet. De Kollege Reding ass vehement op där do Schinn. Et ass em keen Tweet iwwert de Brexit ze spéit, als „true Brexiteer“. Ech weess awer, dass bei der CSV ganz vill Leit dat anescht wäerte gesinn. Dat, wat haut geschitt, wann Der dës Direktiv net stëmmt, léisst fir meng Begrëffer déif blécken. An dat ass eigentlech enttäuschend.

An et brauch ee sech och net ze wonneren, firwat mer haut iwwer esou Saachen diskutéieren. Dat ass jo net vum Himmel gefall! Firwat gëtt et an Europa politeschen Drock, fir Transparenz als eent vun den Instrumenter, net dat eenzeg, als eent vun den Instrumenter unzegesinn am Kampf géint de Finanzement vum Terrorissem? Dee mer par ailleurs jo all ganz vill kommentéieren, wann et ëm Terrorissem geet. Beim Bekämpfe vum Finanzement kréie mer e bësse Gewëssensbëss. Kann ech net novollzéien. Kann ech net novollzéien!

(Interruption par Mme Viviane Reding)

Ech hunn déi ganz Debatt gelauschtert, Madamm Reding. Och dat, wat Dir gesot hutt. Ech hunn alles nogelauschtert.

(Interruption par Mme Viviane Reding)

Ech reagéieren ... Neen, fillt lech och net viséiert, Madamm Reding!

► **Mme Viviane Reding** (CSV).- Ma dat ass awer esou.

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Fillt lech net viséiert! Ech soen déi Saache ganz allgemeng.

► **Mme Viviane Reding** (CSV).- Ah.

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Dofir, mir hu virun e puer Joer ... Et ass vu Panama Papers geschwat ginn, et ass vu LuxLeaks geschwat ginn, wou mer jo am A vum Stuern souzen, déi viregt Regierung, déi du mat der Vergaangenheet vun der Regierung virdrun an deenen nach virdru konfrontéiert ginn ass. Ech mengen, mir hätten dat propper gemaach deemools als Regierung. Mä mat all deem, wat



do virgefall ass, brauch ee sech net ze wonnen, wann an Europa, an den europäeschen Institutiounen, an der Kommissioun, och ënnert där vum Här Juncker - dat hei si jo Produite vun der Kommissioun Juncker! -, e politeschen Drock sech opbaut, fir och iwwert deem dote Wee esou Phenomeener an Zukunft net méi wëllen ze hunn.

Mir sinn dach hei net an engem Débat luxembourgeois! A wann d'Madamm Reding erklärt, wat dann hir Rësonnementer waren als Europadeputéiert, an anerer och, ma da brauche mer jo awer net ze mengen, dass, wa mer hei an dës Sall eraginn an d'Dieren zougemaach ginn, mer dann ënner eis wäeren! Da si mer nach ëmmer am Europaparlament, alle 60, plus d'Regierungsvertreder! Jiddweree kuckt dach och op Lëtzebuerg, wann dësen Text muss transposéiert ginn! Et ass dach keng Lëtzeburger Debatt iwwer ASBLen a Carte d'identité! Bei aller Wichtigkeet, an ech kommen herno dorobber zréck, mä dass dat awer soll duergoen, fir sech net, ouni État-d'âmes, engem Effort an enger Demarche unzeschlëssen, do feelt mir definitiv Versteesdemech derfir. Ech kann dat net novollzéien!

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Zu der Prozedur: Et ass gesot ginn, mir hätte Retard an et hätt laang gedauert. Ech wëll dann awer och dozou just zwee Wuert soen.

Ech mengen net, dass d'Lëtzeburger Regierung do ganz vill falsch gemaach huet. An ech mengen och, dass d'Chamber hir Verantwortung geholl huet. Dat ass net just eng Responsabilitéit vun der Regierung, et ass och eng vun der Chamber! Den Här Bodry huet dat ganz zu Recht gesot. Och an der Prozedur, an all Sënn, net nëmmen an deem Sënn, dee virdrun evocéiert ginn ass.

2015 ass déi véiert Direktiv ugehall ginn, Mëtt 2015, am Mee. Mëtt 2017 sollt se a Kraaft treden. Ee Joer virdrun, Mëtt 2016, gouf schonn déi fënneft deposéiert. Dat ass och de Grond, firwat dass eng Rei Länner sech net schlësseg waren: „Solle mer dann elo e Sprint drécken, fir déi véiert ëmzesetzen?“, well jo en plus an der fënnefter eng Rei Dispositiounen, notamment an der Haaptsaach souguer déi, déi mer haut ëmsetzen, parallel diskutéiert gi sinn. An der véierter stoung: „Maacht et esou!“, an der fënnefter louch um Dësch: „Maacht et anescht, gitt méi wäit!“ Dofir hunn eng Rei Länner, och Lëtzebuerg, zu Recht, oder zumindest verständlecherweis gesot: „Ben, vu dass déi fënneft esou séier geet, solle mer dann net e puer Méint waarden an dat an engem eenzege Worf maachen? Et huet jo kee Wäert, elo e Gesetz ze stëmmen, fir ze transposéieren, an an dräi Méint fir genau déiselwecht Matière, exakt déiselwecht Matière, eng nei Transpositioun ze maachen, déi just e bëssen anescht ass.“

D'Resultat dovunner ass: D'Kommissioun streit haut mat 21 Länner. Ech wëll net soen, mir wäeren do a gudder Gesellschaft, well et ass jo net gutt, wann ee Retard huet, mir sinn awer an enger grousser Gesellschaft haut, wann d'Kommissioun eis um Radar huet. Mä natierlech huet d'Kommissioun Lëtzebuerg anescht um Radar wéi aner Länner an dëser Matière. Et ass jo och keen Zoufall, dass an der Prozedur nieft Lëtzebuerg och schonn Irland e Stéck méi wäit am Viseur ass vun der Kommissioun. An et huet och kee Wäert, dass mer eis doriwwer iergeren! Mir wëssen, dass et esou ass. Domat musse mer just ëmgoen an eens ginn.

Dat heescht fir eis also opzepassen, wat mer maachen. Aus deem Grond huet d'Lëtzeburger Regierung virun engem Joer dann awer e Projet de loi deposéiert, fir déi véiert dann awer emol ze transposéieren, well dat mat der fënnefter net wierklech weidergaangen ass. Fir net dee Reproche gemaach ze kréien, mir wäeren hei schlechte Wëllens, hu mer e Projet de loi deposéiert, dee leschten, fir déi véiert Direktiv ze transposéieren. A soubal kuerz drop déi fënneft fäerdeg war, huet d'Regierung direkt Amendemente gemaach, fir dass dës Projet, dee mer haut stëmmen, net nëmmen déi véiert ofschléissend transposéiert, mä gläichzäiteg och schonn déi fënneft op dësem Punkt mat-transposéiert.

Vun deem enge vun 21, deem e bësse Retard hat, si mer elo den „early adopter“. Mir sinn, wat dëst betrëfft, mat der véierter an der fënnefter haut derduerch, mat dësem Volet. Et sinn nach aner Voleten, déi opstinn, do hu mer Zäit, dat ass an den Hänn vum Finanzministère, an do hu mer Zäit bis Enn 2020.

Mä mir sinn elo geschwënn, hoffentlech, „early adopter“ vun der fënnefter. Da sti mer erëm ganz gutt do. An all déi, déi virdru gesot hunn,

dass et wichteg wär, dass Lëtzebuerg op dës Froe gutt doosteet international, déi hu ganz recht! Dat ass wichteg fir eis. Mir ginn anescht gekuckt wéi déi aner op dës Froen. A mir solle gutt sinn! Net nëmmen aus Image-Grënn, mä well mer zënter Jore probéieren, anescht opgestallt ze si mat der Finanzplaz, fir dass mer net méi kënnen an deem Eck gedréckt ginn, well mer net just en aneren Image opbauen, mä well mer anescht gi sinn op ville Punkten! An dat ass wichteg!

(**Interruptions**)

► **Une voix.** - Bravo!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Dass et elo zum Schluss e bësse méi séier gaangen ass: Jo! An d'Chamber huet do hir Verantwortung iwwerholl! Et ass net just d'Regierung. Ech weess och net, ob dat en extrae Meritt ass, wann ee seng Aarbecht mécht. Mir hunn eis ze maachen, d'Chamber huet hir Aarbecht, fannechen ech, hei absolutt gemaach. Sécher ass et elo e bësse méi séier gaangen. Mä virdru war och fënnf Méint keng Chamber! Et ass elo de Kalenner-Zoufall, „Domm gaangen!“, kann ee soen, well an engem normale Joer wär dat hei scho virun dräi Méint gestëmmt ginn, oder zwee Méint, den zweeten Dëschdeg am Oktober, a mir hätten net missen an engem Dag zwou Sëtzeunge maachen. Jo, mir haten awer elo fënnf Méint keng! Mir hunn dat zum éischten utilen Datum gemaach, eng Commission de la Justice aberuff an de Projet op den Ordre du jour gesat.

Deenen, déi gesot hunn, mir hätten dat och éischer kënnen diskutéieren, wëll ech just rappeléieren: Den éischten Avis vum Statsrot kourde de 24. Juli vun dësem Joer. De 24. Juli! Mir hätten also dat net kënnen virdrun an enger Kommissioun diskutéieren. A mir hunn där Kommissioun gemaach, do hutt Der leedemoos schonn driwwer beschwéiert, dass mer ze vill gemaach hätten. Elo plädéiert Der réckwierkend, mir hätten nach Saache sollen dropsetzen. Dat ass och elo net terribel konsequent par rapport zu deem, wat Der deemools reprochéiert hutt.

Ech wëll awer trotzdeem op e puer Saachen um Fong agoen, déi opgeworf gi sinn. Déi éischt Kritik ass jo déi, dass Der et abusiv fannt, dass d'ASBLen hei materageholl ginn.

(**Interruption**)

Neen, Dir bemängelt dat un der Direktiv.

(**Interruption**)

Neen, ech hunn dat verstanen! Ech hunn dat verstanen, Dir bemängelt dat bei der Direktiv, net an der Transpositioun. Do si mer eis eens, dass et do kee Choix gëtt, dat muss transposéiert ginn.

Ech dréien lech awer dat Argument just eng kéier gäre kuerz ëm. An der Suerg vun deem, wat mer hei bezeecke mat dëser Direktiv: Finanzement vum Terrorissem bekämpfen, Blanchiment vun all méigleche kriminellen Aktivitéiten, Mënschenhandel a lauter anerem nach - wou mir jo all net derfir sinn -, stellt lech nëmmen eng Sekonn vir, d'ASBLen wäeren net an der Direktiv! Ech bräicht lech jo awer kee Bild ze zeichnen, wat da lass wär europawäit an den ASBLen. Dir wäert jo awer net eng Sekonn mengen, dass all déi, déi haut mat anere Strukturen weltwäit Weeër fannen, fir Suen aus allméiglechen organiséierte kriminellen Aktivitéite wäisszewäschen, dass déi géife soen: „Oh, d'ASBLen, dat bleift erlaabt, mä net mat eis! ...

(**Hilarité**)

... Mir maachen dat nëmme mat SAen“, oder wat weess ech! Ma do wär dach op den ASBLen der Däiwel lass! Dat ass keen Appel d'air, mä dat ass e Ventilator am Réck, wat déi dann hätten. Och nëmmen eng Sekonn ze mengen, dat wär eng Optioun gewiescht, eng juristesche Form an Entitéit erauszeloossen, also beim beschte Wëllen, dann hätte mer all déi heiten Direktive guer net brauchen ze maachen, wa mer d'ASBLen erausgelooos hätten. Da bräichte mer dat hei alles net ze maachen! An ech si sécher, dass d'Madamm Reding do meng Aschätzung deelt, als fréiere Kommissär, dee genee weess, wat international do d'Mechanisme sinn, déi an dëser Matière spillen. Et ass also och der Direktiv net virzeweifen, dass d'ASBLen do dra sinn. Ech mengen, dat ass en Trugschluss.

Ech huele se elo net an enger bestëmmter Reiefolleg, ausser där, wéi Der se erwänt hutt. Dir hutt lech geiergert iwwert d'Amenden, dass

déi esou terribel héich wäeren: 1.250 Euro. Ech wëll lech och do just rappeléieren: Haut schonn - haut schonn - bei de Regeln iwwert den RCS kënnen d'ASBLen Condamnatiounen kréien zu Amendé bis zu 5.000 Euro. Véiermol méi!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, bis op 1.250.000.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Jo, jo. Mä Dir hutt vun 1.250 geschwat. Dat war Äre Choix, déi Zuel ze erwänen. Ech rappeléieren lech just, haut scho kann ee bis 5.000 Euro condemnéiert ginn.

(**Interruption par M. Laurent Mosar**)

Dann, d'Zuel vu Leit, déi do mussen ageschriwwen ginn. Mir hunn dat an der Kommissioun diskutéiert, Article par article. Et ware véier Stonnen an engem Dag. Aner Leit schafften och méi wéi véier Stonnen an engem Dag. Ech war och do derbäi. Dat ass keen Drama. Mir hunn all Artikel diskutéiert, Artikel fir Artikel. Do ass also näischt iwwert de Knéi gebrach ginn. Et war just eng méi laang Sëtzung op zwee hallef Deeg verdeelt. Dat ass e ganz normale Virgang, mengen ech, par ailleurs. Mir hunn dat erklärt.

Ausser wann an esou enger Struktur en explizite Bénéficiaire économique ass, da gëtt deem uginn. Wann där keen derbäi ass, ass et de Comité a soss guer näischt anescht. Maacht also d'Leit net geckeg mat Lëscht vun all de Membereen a wat och ëmmer! Dir wësst, dass dat net stëmmt. D'Gesetz ass kloer op deem Punkt. Et ass iwwerhaupt keng Interpretatioun noutwendeg. Et ass de Comité stellvertredend fir all déi aner, ausser et wär en explizite Bénéficiaire économique an där Struktur, an da geet deem och eleng vëlleg duer. Iwwregens, d'Comité mussen och haut schonn deposéiert ginn um RCS, och dat ass iwwerhaupt näischt Neies. An d'ASBLen wësse ganz genau, wéi een dat mécht. Déi kennen deem Outil, déi kennen dee Mechanissem.

Et ass awer zu Recht gesot ginn, dass een all déi Strukture muss drop hiweisen. Absolutt. Absolutt! An dat wäert d'Regierung och ganz eescht huelen. Den LBR och, well déi sinn zoustänneg fir déi sechs Méint, déi mer hunn. An déi ginn duer. Dat ass och verstänneg. Dat hutt Der jo och alleguete guttgehalen. Mir wäerten an deene sechs Méint selbstverständlech eng Campagne maachen, fir ze informéieren. Mir notzen déi sechs Méint, fir de Leit matzedeele, wat do op se duerkennt. An do wäerte mer och iwwert den LBR e Suivi maache vun den Depoten. Déi wäerten dat a behalen, wäerten och do gezielt kontaktéieren. Dat gëtt also gemaach. Ech mengen, dorunner wäert et net scheitern.

Dir hutt och vun den Avantagé geschwat, déi anerer nach hunn, wéi de UK zum Beispill. Ech wëll lech och do just rappeléieren, Der wësst dat mengen ech awer, Här Mosar, déi hunn haut och schonn e Regëster, d'Englänner, och fir non-profit. Haut schonn! Do sinn d'Englänner eis vir. Dat ass also en Zuch, dee scho laang gefuer ass. D'Englänner hunn dat doten.

Zu der Fro vun de Carte d'identité: Mir wëlle gäre garantéieren kënnen, dass déi Informatiounen, déi do accessibel sinn, och belaauschtbar sinn, dass et net just Deklaratiounen sinn. Dat muss ee préieren. Dat ass net, well mir wëllen „méi wäit goen“ wéi d'Direktiv. D'Madamm Reding hat deem Term virdru gebraucht. Mir ginn hei a strictement näischt méi wäit wéi d'Direktiv. Mir setzen hei eleng d'Direktiv ëm. Et ass also kee Reproche un dësem Text, wann ee seet: „Dir sidd iwwert d'Direktiv gaangen.“ D'Direktiv verlangt e Mécanisme de contrôle, ech zitieren lech et: « garantissant la qualité de l'information ». Mir mussen dat also aléisen, natierlech ouni administrative Waasserkapp. Ech mengen, et war souguer den Här Reding, deem dat an der Kommissioun als Éischten opgeworf hat, deem doten Aspekt. Déi aner hu sech ralléiert. Ech deelen déi Suerg.

Mir hu jo och en Avis vun der CNPD kritt, déi eis souguer eng Pist do opmécht. Ech si gewëllt, op dee Wee ze goen. Ech waarden awer och gären den Avis vum Statsrot of zum Règlement grand-ducal, fir dann och ze kucken, wat do nach vu Remarque kënn, ier mer eis dann definitiv op dee Wee festleeën. Mä do gëtt et e Wee, d'CNPd huet e selwer opgezeechent, wou mer bal 99 % vun de Fäll vun den ASBLen kënnen dann ouni déi doten Exigenz behandelen. Dat scheitert sécher net u mir. Ech hunn de gedeelte Wunsch vun der Chamber opgeholl an ech wäert dat och an deem Sënn mathuelen.

Dann ass iwwer Dateschutz geschwat ginn, d'Dateschutzdirektiv, déi elo hei ganz héichgehale gëtt. Ech hunn awer och scho Saachen héieren, wou se ganz vill kritiséiert ginn ass. Et brauch ee kee Laangzäitgedächtnis derfir ze hunn, et brauch ee sech nëmmen un d'parlamentaresch Debatte vun der Lëtzeburger Chamber ze erënneren, wéi mer d'Reglement an d'Direktiv ëmgesat hu virum Summer. Do ass fonnt ginn, dass d'Direktiv bei ganz villem géif iwwerdreien.

Ech weess, dass d'Madamm Reding dat net deelt. Si gehéiert zu deenen dräi, déi an Europa fir déi Direktiv an d'Reglement stinn. Si war déi, déi se deposéiert huet. Am Parlament war et de Jan Philipp Albrecht. Ech hat d'Eier an d'Freed, de Conseil ze presidéieren zu deem Moment, wéi mer déi Texter konnte clôturieren, an ech loosse mer déi schéin Direktiv do net esou zerrieden. Ech loosse se och net mëssbrauchen! Déi Direktiv an dat Règlement si ganz gutt, an ech loosse se och net mëssbrauche fir aner Zwecker.

Dateschutz ass kee Schutz géint Transparenz, déi noutwendeg ass. Dateschutz gëtt gebraucht do, wou een et brauch. Hei ass de But, zu Recht, dee vun der Transparenz. Elo kann een enger anerer Meinung sinn, mä an Europa ass d'Meenung eendeiteg. Am Conseil, am Europaparlament, et war net am JAI-Conseil, et war am Ecofin, d'Lëtzeburger Regierung steet awer geschlossen hannert deem Text. Hei ass Transparenz, wat gesicht gëtt. An do ass och net den Dateschutz eng Verhënnerung dovun, au contraire. E seet just, wéi dat organiséiert gëtt, fir dass et stattfënn.

Dir hutt dann an deem Kontext vum Traçage geschwat an och verweisen op d'Belsch. Jo, dat ass richtig, awer net komplett. D'Belsch hu bis haut nëmmen déi véiert Direktiv transposéiert. Si sinn op der Lëscht vun den 21. D'Belsch hunn déi véiert transposéiert. Do geet jo och nach rieds, dass een nëmmen an Accès huet zu deem Regëster, wann een en „intérêt légitime“ huet. Sou, an dee muss kënnen kontrolléiert ginn. An do ass et och normal, dass bei deem Mechanismus, wéi mir en och kenne vum RNPP an iwwert de MyGuichet, dass een do wëllt wëssen: Wie behaapt dann do vu sech, en hätt en Intérêt légitime? Do ass also d'Ausnam d'Regel. Déi mannst hunn en Intérêt légitime. An do ass et och normal, dass een deem Traçage virgesäit.

Mir transposéieren elo hei déi fënneft! Déi steet iwwert där véierter op där Fro. Hei gëtt et keen Intérêt légitime méi, et ass public.

(**Interruptions**)

Dofir, den Traçage, wann een dee wéilt maachen, ech soen à la rigueur: „Moi, je veux bien!“, wa mer et wëlle komplizéiert maachen. Mä stellt lech just eng Fro, déi, déi dat plädéieren, bei der fënnefter - d'Belsch sinn nach net esou wäit -: Wat géife mer da mat deem Regëster maachen, wa mer déi géifen oplëschen? Et kann ee kengem dat verbidden. Et kann ee kengem soen: „Du gees ze oft kucken!“ - „Elo gees du schonn nees dee kucken, elo loosse mer dech net méi bäi!“ Dat gëtt et net! En ass public ouni eng Aschränkung. Also ass den Traçage fir näischt ze gebrauchen, eigentlech.

Dofir, ech mengen, dass kaum e Land den Traçage wäert maachen, dat déi fënneft Antiblanchimentsdirektiv wäert ëmsetzen, well et einfach ënnert dem Stréch pointless ass.

D'Konklusioun, Här President: E Bléck just dofir op de GAFI; deem ass haut schonn erwänt ginn. Ech mengen, dass dat fir eis e ganz wichtige Rendez-vous elo gëtt an den nächste Joren. Dat hei ass e wesentlecht Element dovun, dass mer do gutt dostinn, dass mer keng Condamnatioun vun der Europäescher Cour kréien, dass d'Kommissioun eis also do net an de Collimateur hält.

(**Interruption par la présidence**)

Ech wëll zum Schluss, Här President, just nach Merci soen der Kommissioun, lech selwer och fir Äre Gedold, Här President, der Commission de la Justice, all hire Membereen, déi et méiglech gemaach hunn, dass mer konnten an enger seriöser Aarbecht dat ofschléissen, och wa se an enger kompriméierter Zäit gemaach ginn ass. Ech wëll natierlech dem Rapporteur Franz Fayot Merci soe fir säin exzellente Bericht. An ech wëll natierlech och dem neie President vun der Commission de la Justice, dem Charles Margue, Merci soen. Fir déi vun der CSV, déi et dann nach net woussten: Hien ass sengem Papp säi Bouff!



Suivez la Chambre des Députés
sur Facebook et Twitter





Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

(Brouhaha)

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här Minister, dierf ech eng Fro stellen?

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Jo, Här Mosar, wannechgelift.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo. Merci dem Här Minister. Ech sinn och ganz frou, datt den Här Minister déi Fuerderung - ech mengen, dat ass richtegerweis hei gesot ginn - vun der Carte d'identité elo versicht esou ze organiséieren, datt dat net onbedéngt muss sinn. Dat begréisse mer ganz staark.

Ech wollt awer nach eng kéier op déi Fro vum Traçage zrëckkommen, well ech mengen, Här Minister, do schwätze mer ..., do hunn ech mech vläicht dann och falsch ausgedréckt, duerfir wollt ech dat awer nach eng kéier präziséieren.

Dat, wat eis Suerg ass, dat ass, datt dat Gesetz, wat Der och virdrun ugeschwat hutt, wat mer am Juli hei gestëmmt hunn, datt dat och hei respektéiert gëtt. An do wëll ech lech awer elo just soen, et ass also keng Erfindung vun der CSV-Fraktioun, an Dir wësst dat, liest nach eng kéier, wat d'CNPD heizou seet! D'CNPD, wat dat héchste Gremium ass, wat den Dateschutz ugeet, kritiséiert hei ganz staark, datt den Droit de traçage net virgesinn ass, och aus enger Argumentatioun, datt do gesot gëtt, datt dat net verstéisst géint dës Direktiv, do si mer eis 100%eg eens, mä géint déi Direktiv, déi mer am Juli ...

An ech wëll lech do just e Beispill ginn, Här Minister. Dir hutt zu Recht gesot: „Et ass sech vill opgereege ginn.“ Et ass richtig, do hu mer am Moment eng Prozedur, déi ganz komplizéiert ass, déi schrecklech vill Contrainten an Obligatione mat sech bréngt, zum Beispill fir Betriber, fir Administratiounen. Dir musst jo haut een, deem seng Donnéeën Der virugitt, Dir musst den doriwwer informéieren. Et ass och gutt esou! Mir hunn domadder iwwerhaupt kee Problem.

Hei komme mer elo awer an eng aner Situation. Hei ginn elo permanent - zu Recht, an et ass net dat, wat mir a Fro stellen - Leit recherchéiert, belicht, nogekuckt, an déi Leit ginn dat net gewuer! Dat heescht, eise Problem ass: Op där enger Säit hu mer déi Leit, déi recherchéiere ginn, déi hu quasiment all Rechter, an déijéineg, déi recherchéiert ginn, hu keng Rechter. Déi ginn emol net gewuer, wéi oft datt do nogekuckt ginn ass. An dat ass, och fir eis, eng fundamental Kritik. An do wär ech awer nach eng kéier frou, wann Der net nëmme mir, mä och der CNPD, déi dat do wierklech en long et en large developpéiert huet, eng kloer Antwort géift ginn.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Mosar. Här Justizminister, wannechgelift.

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Jo. Nach eng kéier: Et muss een en Ennerscheid maachen tëschent der véierter an der fënnefter Direktiv. Et ass evident am Kontext vun der véierter, wou tatsächlech en Intérêt légitime huet misse beluecht ginn, den huet misse kontrolléiert ginn, dass do déi Logik eng aner ass. Et ass och do, wou d'Belsch sinn.

Dass duerch déi fënneft Direktiv de Regëster ganz einfach public ass, dass also jiddwereen tatsächlech där kucke goss, egal wéi oft, egal wien, ...

(Interruption)

... dofir ass dat eppes, wat eigentlech effektiv kee Sënn mécht.

An déi Analys, dass dat heite soll contraire sinn zum Reglement - net zu der Direktiv Dateschutz, mä hei geet et ëm d'Reglement vum Dateschutz -, déi gëtt net gedeelt, weder vun der Kommissioun nach vun aneren. Aner

Länner hunn dat och esou transposéiert. Hei si mer also net op iergendeng Aart a Weis contraire zum Reglement, wat mer ëngesat hunn. Et ass just e Choix, dee logesch ass an decouliéert aus dem Opbau vun der fënnefter Direktiv.

Elo kënnt Dir Är Kriticken un der Direktiv äusseren. Ech diskutéiere mat lech d'Direktiv net, gëllt, just eis Transposition. Fir mech ass se ganz eendeiteg konform. An ech mengen och, dass se an där doter Form och elo richtig ass.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci. D'Madamm Reding, wannechgelift.

► **Mme Viviane Reding** (CSV).- Ech mengen, déi Diskussioun, déi elo grad hei gefouert gouf tëschent dem Här Minister a mengem Kollege Laurent Mosar, déi weist kloer, firwat datt ech Bauchwéi hat am Europaparlament, well et ass nämlech ganz richtig, wann een d'Dateschutzreglement kuckt, dat jo e Schutz ass fir d'Date vun deem Einzelen. Wann awer elo en Zougrëff op d'Date vun deem Einzelne geschitt, muss all Veräin deem Einzelne soen, datt do en Zougrëff ass. Awer an deem heite Fall brauch den Einzelnen net informéiert ze ginn, datt en Zougrëff ass. Also, et ass schonn net logesch.

Ech verstinn de Minister, well de Minister seet: „Dat steet leider an där Direktiv dran.“ Ech hunn dat och deemools gesot am Europaparlament, datt ech dat net richtig fonnt hunn. Ech sinn iwwerstëmmt ginn an där doter Saach. Mä et ass eng Kontradiktion! An ech mengen, esou, wéi mir et elo hei diskutéiert hunn, roueg, um Fong, muss jo awer jiddweree verstoen, firwat een zu deem doten Element ... an net zu der Geldwäscherei oder dem Finanzement vum Terrorismus oder all deenen anere Saachen, do si mer eis jo alleguerten eens.

Iwwregens steet an der Direktiv zum Dateschutz, an dat weess de Minister ganz genau, datt et eng Exceptioun gëtt zu alle Perséinlechkeetsrechter, wann et ëm Sécherheet geet. Dat steet ganz kloer an der Direktiv iwwert den Dateschutz dran. Et huet also näischt domadder ze dinne, mä et huet mat deem Ofweien ze dinne tëschent de Rechter vun deem Einzelen, dee ka recherchéiert ginn, an den awer net ka gewuer ginn, datt eppes mat senge Rechter geschitt. Voilà!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Reding. Den Här Bodry, wannechgelift.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech wëll hei gär ausdrécklech awer d'Thees vum Här Minister ënnersträichen. Déi schéngt mer kohärent ze sinn an der Argumentatioun.

D'Traçabilitéit mécht iwwerall Sënn, wou eng Informatioun net public ass, wann nëmme e begrenzten Zougang ass, dee ka wäit sinn, mä wou awer Konditiounen fir den Zougang sinn. Duerfir muss eng Traçabilitéit do sinn, fir kënnen nozevollzéien, ob een - herno bei Contestatiounen - d'Recht iwwerhaupt hat, fir dohinzerzegoen, an da muss och den aneren informéiert ginn, dass een Informatiounen iwwer hie gesammelt huet. Dat mécht Sënn.

Hei si mer awer an engem anere Cas de figure! Dee kann ee kritiséieren, mä den ergëtt sech awer elo aus den europäeschen Texter, déi mer hei ëmsetzen. Hei ass eng Informatioun, déi ass public. An eppes, wat public ass, ass public! Do ka jiddwereen Zougang drop huelen an do muss och keen informéiert ginn an näischt, et ass public. Dat ass wéi wa mir e Rapport publizéieren, dee public ass, iergendeng Informatioun vun der Chamber ass public, da seet och keen: „Ma elo muss retracéiert ginn, wien déi Informatiounen dann do nogefrot huet.“ Neen! Eppes, wat wierklech am Domaine public ass, wou all Mënsch ouni Konditiounen Zougrëff huet, do mécht et kee Sënn, eng Traçabilitéit nach anzeféieren. Dat schéngt

mer awer logesch ze sinn an der Argumentatioun.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Clement, wannechgelift.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Et deet mer leed, datt ech nach eng kéier ganz kuerz intervenéieren. Ech mengen, grad bei där Traçabilitéit, wann et ëm den Dateschutz geet, wann et ëm d'Transparenz geet, dat si klassesch Themen, déi mir haten, hunn an och weider wëllen héichhalen.

Et ass awer hei esou: Mir hunn haut en Associationsgesetz, wa mer just iwwert d'ASBL schwätzen, vun 1928, wou am Artikel 10 drasteet, datt d'Associatiounen obligéiert sinn, all hir Membere mat Numm, Virnumm, Domicile an Nationalitéit all Joer um RCSL ze deposéieren, an: « le public peut en prendre connaissance ». Ech hu mech eng kéier améséiert, um RCSL nozekucken, wivill ASBLen dann där Obligation nokommen. Mir hunn och eng Question parlementaire dozou gestallt. Op den éischte Bléck sinn et der net vill. Och do gëtt et keng Traçabilitéit. Dofir hu mer eng Proposition de loi agereecht, fir dat ze änneren.

Mä mir müssen eis bewosst sinn, déi Donnéeën, iwwert déi hei geschwat gëtt, déi si méttlerweil ewell ëffentlech oder missten et, laut engem Gesetz vun 1928, sinn. Et wonnert mech, datt kee vun deenen Affekoten, déi sech elo esou fir den Dateschutz hei opgereege hunn, sech där Fro schonn ugehall huet. Si haten elo 90 Joer Zäit, fir dat ze maachen! An deenen 90 Joer ass den Artikel net geännert ginn. Do stellen ech dann d'Eierlechkeet wierklech a Fro, mat där hei op eemol den Dateschutz 2018, kuerz viru Chrëschttag, entdeckt gëtt, fir a Wierklechkeet d'Bénéficiaire-économique vun Entreprisë virum dem Public, den e legitimem Intérêt huet, fir se ze kennen, ze verstopen!

Mir dierfen net vergiessen: Wou kënnt déi Iddi hier, datt mer iwwerhaupt e Conseil d'administration ëffentlech maachen? Ma dat huet e ganz einfache Grond: fir datt mer am Geschäftsbetrieb kënnen novollzéien, wien iwwerhaupt d'Recht huet, fir e Veräin oder fir e Betrib ze ënnerschreien. Well wann ech eng Commande unhuelen als Entrepreneur vun enger ASBL an do huet iergende Member ënnerschiwwen, dann ass déi Commande als Éischt emol ongültig. Et ass meng Obligation légale, fir nozekucken, ob den iwwerhaupt déi Commande hätt dierfen opgin. Dofir hu mer déi Regëstere. A genau sou ass et mat de Bénéficiaire-économiquen.

► **Une voix**.- Dat ass falsch.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Mir sollen dach ophalen, hei ze mengen, et géif iergendeng ASBL hei zu Lëtzebuerg elo méi geschiedegt ginn doduerch, datt se déi nämlech Flichten, souguer manner Flichte muss ophuelen, wéi se dat ënnert dem Gesetz vun 1928 huet misse maachen!

Et geet hei ëm Betriber, ëm Offshore-Gesellschaften, ëm verschachtelt Konstrukter. An do sollte mer dach ganz éierlech mat eis selwer sinn a soen: „Dat ass eng gutt Saach, datt et do zu méi Transparenz kënnt.“

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement. Den Här Mosar, wannechgelift.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, nach eng kéier ganz schnell. Ech wëll just dem Här Clement awer äntwerten. Et geet justement hei net ëm Offshore-Gesellschaften. E soll eng kéier de Champ d'application vum Gesetz kucken. Et ass jo och dat, wat mir kritiséieren.

Ech wollt awer dem Minister eppes soen. Mat allem Respekt, ech mengen, Här Minister, déi Diskussioun, an do si mer eis eens, ass schwierig. Ech wëll och nach eng kéier soen: Dat, wat mir hei developpéieren, ass à la lettre dat, wat d'CNPD seet. Dat ass also net an eisem Gaart gewuess, mä dat ass aus dem Gaart vun der CNPD.

An do kënnt awer eppes, wat ech dem Här Bodry wollt äntwerten: Här Bodry, zu deem, wat Der sot, datt hei en Accès public ass. Dir wësst jo awer, an dat steet an deem Gesetz dran, datt bei den Entité-immatriculées - huele mer nach eng kéier der Madamm Beissel hir Hollerecher Musek! - d'Madamm Beissel, en admittant, datt si déi ass, déi herno den Depot mécht, datt déi d'Obligation huet - déi huet d'Obligation! -, fir all deene Leit, déi se do deposéiert, Bescheed ze soen. Dat heescht, déi Obligation besteet am Kontext vun den Entitéiten, besteet awer net um Niveau vum Regëster.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Fir se public ze maachen, mä wa se bis public sinn, da si se public. Dat schéngt mer awer och logesch ze sinn.

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Minister, wëllt den nach d'Wuert?

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Neen, et ass gutt.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, domadder wiere mer um Enn vun dëser Diskussioun ukomm. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7217 et dispense du second vote constitutionnel

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7217. Den Text steet am Document parlementaire 7217¹⁹. D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration.

D'Resultat ass folgend: 35 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen. De Projet de loi 7217 ass mat 35 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Alex Bodry, Mme Tess Burton (par M. Franz Fayot), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Henri Kox), MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini (par M. François Benoy) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par M. Marco Schank), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Paul Galles), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Diane Adehm).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

13. Discours de fin d'année de M. le Président

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, domat wiere mer um Enn vun der leschter Sitzung fir dëst Joer ukomm. A well ech de 6. Dezember méi laang geschwat hat, halen ech mech haut och ganz kuerz. Ech wëll just ...

► **Une voix**.- Ah!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- ... Merci soen de Mataarbechter aus der Verwaltung, de Fraktiounen, dem Groupe technique, der Sensibilité politique, deenen, déi vill a gutt am Hannergrond schaffen, fir datt mir als Deputéiert eis Aarbecht kënnen gutt maachen, dem Generalsekretär - dem Här Claude Frieseisen - a sengen zwee Adjoints - dem Här Benoît Reiter an der Madamm Isabelle Barra -, déi ëmmer alles am Grëff hunn, lech all heibanne fir Är gutt Disziplin, ...

(Brouhaha)

... der parlamentarescher Press fir hir Efforten, de Leit d'Aarbechten aus dem Parlament méi no ze bréngen.

Ech wënschen lech alleguer heibannen an do-bausse schéin a roueg a besënnlech Feierdeeg an e flotte Joreswiessel.

Domat si mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung sinn den 29., 30. an 31. Januar virgesinn. Fir dës Sitzung virzebereeden, geet déi legislativ Aarbecht an de Kommissiounen virun.

D'Sitzung ass opgehewen.

► **Une voix**.- Très bien !

(La séance publique est levée à 22.46 heures.)